Das Mandat des Delegierten der Briefträgergewerkschaft ist demnach ein sehr wichtiges und verantwortungsvolles Mandat. Nicht die eigenen Interessen, sondern die der Gemeinschaft stehen im Mittelpunkt und sind vorrangig. Der Delegierte ist an sich immer der erste Ansprechpartner der Mitglieder der Briefträgergewerkschaft, wenn es um Probleme im jeweiligen Verteilerzentrum geht. Dieser Posten gewährt dem Delegierten sehr viel Spielraum, und wie stark er/sie sich in die Gewerkschaftsarbeit im Interesse der Allgemeinheit investiert. Unseren Delegierten gebührt, bei korrekter Ausführung ihres Mandats, wegen ihrer sehr wichtigen Arbeit im Sinne

der Arbeitskollegen, großer Respekt und daher sollen sie auch respektvoll vom Personal behandelt werden. Nicht sie, und auch nicht die Briefträgergewerkschaft, treffen die Entscheidungen bei POST, sondern das Management, idealerweise nachdem die Gewerkschaften informiert worden sind, was leider nicht immer der Fall ist. Die Formulare, mit denen man sich für diese wichtigen Posten bewerben kann, werden Ende Oktober per Post an die Mitglieder der Briefträgergewerkschaft versendet. Bei Fragen zu deiner möglichen Kandidatur, kannst du dich telefonisch oder persönlich bei sämtlichen Mitgliedern des Exekutivkomitees melden. Jedes Mitglied, ob Frau oder Mann, und unabhängig vom Status, kann sich für diese wichtigen Posten bewerben. Die einzige Voraussetzung ist eben, dass die betreffende Person Mitglied in der Briefträgergewerkschaft ist. Wünschenswert wäre, wenn sich diesmal auch einige Frauen und jüngere Kollegen für diese interessanten Posten bewerben würden. Keine andere Gewerkschaft im Postunternehmen als die Briefträgergewerkschaft hat durch ihre vielen Delegierten eine solch starke Struktur. Der

Informationsfluss ist prinzipiell garantiert, und überall sind Gewerkschaftsvertreter, die sich im alltäglichen Beruf bestens auskennen und über die nötigen Kontakte verfügen, um dann bei diversen Problemen relativ schnell reagieren zu können. Sinnvoll wäre es, wenn auch die Delegation des Saliariés einen Vertreter bereitstellen könnte der regelmäßig, denn sonst ergibt es keinen Sinn, an diesen Meetings zwischen den jeweiligen Vorstehern und Briefträgern teilnimmt. Das Problem ist nur, dass weder der LCGB noch der OGBL besonders viele, und wenn überhaupt, Mitglieder in den jeweiligen Verteilerzentren hat. Das sagt auch etwas über die Arbeit der Briefträgergewerkschaft und ihrer Delegierten aus!

Die Briefträgergewerkschaft hat demnach eine Struktur, die ihresgleichen sucht und daher gibt es keine Alternative zur Briefträgergewerkschaft, die es schon seit nunmehr 113 Jahren gibt und sich mit diesem Wissen dann bestens und überlegt für die Briefträger sowie für sämtliches Postpersonal einsetzt!!

Mir faalen net öm!



Commémoratioun

Der Generalstreik aus dem Jahr 1942



Den 31. August 2022 huet d'Amicale POST Luxembourg op d'Cloche d'Or an d'Gebai vu POST Technologies invitéiert, fir den 80. Joresdag an de Streikaffer vum Generalstreik vun 1942 ze gedenken.

An Presenz vu Familljemembere vun den Affer, Membere vum Comité vun der Amicale POST Lëtzebuerg, Membere vum Direktiounscomité vu POST Lëtzebuerg, Verrieder vun der Bréifdréieschgewerkschaft, ewéi Verrieder vun eiser Pensioniertesektioun mam Gewerkschaftsfuendel, a Verrieder vu Syndicat des P&T, huet de Mike Orazi a senger Erëffnungsried op d'Wichtigkeet vun dëser Commémoratioun higewisen.

Des schlëmm Zäite solle ni vergiess ginn, an dat ganz besonnesch an der haiteger Zäit, wou et bekanntlech erëm Krich op dem europäeschem Kontinent gëtt, esou den Mike Orazi. Uschlëssend sinn den Här Georges Schmit, eemolege POST-Mataarbechter, an dunn den Mario Treinen, den Direkter vu POST Courier, zu Wuert komm. Zum Ofschluss huet den Här Schmit dunn wéi all Joer eis Nationalhymn „ONS HEEMECHT“ gesongen.

Zur Erënnerung

Sonndes, den 30. August 1942 huet de Gauleiter Simon en Dekret verëffentlecht, dass d'Lëtzebuurger Joergäng vun 1920 bis 1924 an den obligatoreschen däitsche Militärdéngscht zwangsrekrutéiert géife ginn. Fir sech géint des Zwangsrekrutéierung ze wieren, ass vu Gewerkschaften a Resistenzbewegungen e Streik organiséiert ginn.

Dëse net ongefëierlechen Streik huet deemools zu Wolz gefaangen, iwwert d'Stad Lëtzebuerg bis hin an de Sü-

den. Op ville Plazen wéi Schoulen, Landwirtschaft, Industrie a Bildung ass d'Arbecht niddergeluecht ginn awer mat dramatesche Konsequenzen, andeems den NS-Regime ganz radikal reagiert huet, an doropshin eng Partie Resistenzler zum Doud verurteilt huet.

Lëtzebuerg an d'Lëtzebuurger waren iwwerengs vun all deene vun Nazidäitschland besate Länner déi eenzeg, déi

sech géint dësen Dekret, mat engem groussen, a liewensgefëierlechen Opstand gewiert hunn.

Eis deemoleg Kollege vun der POST, de Nicky Konz a Jean Schroeder, alle béid 28 Joer al, waren déi éischt, déi um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg festgeholl gi sinn, an dunn vum Standgericht zum Doud verurteilt goufen. Sie béid sinn den 3. respektiv de 4. September 1942 am Konzentratiounslager zu Hinzert erschoss ginn.

Am ganze goufen 22 Postiënen verurteilt, Si sinn an d'Konzentratiounslager oder an de Prisong komm. Aacht vun hinnen hunn dës tragesch Ereegnisser leider net iwwerlieft. Dës Zäit, an déi Léit, déi sech géint de preisesche Regime gewiert hunn, solle ni vergiess ginn, a mir vernäipen eis virum Courage vun all deenen, déi deemools bereet waren, a mat hirem heroeschen Asaz dozou bäigedroen hunn, fir ons Heemecht anzestoen an ons Fräiheet an Onofhängegkeet ze sécheren.

Mir wäerten hiren Asaz fir eist Land an eis Fräiheet ni vergiessen!

**POST Lëtzebuerg, Amicale POST Lëtzebuerg
an d'Bréifdréieschgewerkschaft**



Location de matériel et outillage aux professionnels et aux particuliers



KOMATSU

NORTON
SAINT-GOBAIN

clipper



BOMAG
FAYAT GROUP

ISEKI

Trakita

Interview

mam Mike Orazi, Präsident vun der Amicale POST Lëtzebuerg



Raym Juchem: Mike, mir zwee kennen eis jo schonn ganz laang, an du schaffs wéi ech, jo elo och schonn eng ganz laang Zäit op der POST: Kanns du dech eisen villen Lieser kuerz virstellen?

Mike Orazi: Ech sinn am Januar 1989, no 3 Joer Arméi op Post komm, an hunn deemno elo gläich 37 Déngschtjoer um Bockel. Ech un eng Fra an 2 Bouwen, op déi ech vill houfreg sinn, an déi mech a mengen beruflechen Demarchen ëmmer ënnerstëtzt hunn, an dat hoffentlech och nach weider wäerten maachen. Ouni d'Ënnerstëtzung an de Versteesdemech vun menger Famill wier mir dësen beruflechen Wee net méiglech gewiescht.

Raym Juchem: Wat war virun laangen Joren deng Ureegung fir dech am Comité vun der Amicale POST ze engagéieren?

Mike Orazi: Meng eicht Iddie war deemools ganz einfach, an zwar fir mech sportlech méi ze engagéieren, an esou dann niewebäi nei Kolleegen a mengem beruflechen Ëmfeld kennen ze léieren an doduerch och nei Frëndschaften opzebauen. Wat jo dann och geschitt ass. Och am Aarbechtsëmfeld sinn Frëndschaften eppes Wichteges a vereinfacht engem d'Aarbecht. 1992 hunn ech mech dunn am Comité vun der Amicale POST Lëtzebuerg engagéiert, a hunn dunn lues a lues

mäin Wee gemaach an deem ech ëmmer méi Responsabilitéiten iwwerholl hunn, an hunn probéiert meng Iddien mat anzebréngen, fir doduerch den Aktivitéitsberäich vun der Amicale POST nach weider ze vergréisseren.

Raym Juchem: Du kenns bekanntlech aus dem Metier vun POST Courier, an hues als Bréifdréier an der Tournée an am Innendengscht respektiv am Guichet geschafft. Wéi gesäis du, als elo e bësse méi Aussestoend, hautdesdaags des Branche respektiv de Beruff vum Bréifdréier?

Mike Orazi: Am Fong, nach ëmmer d'selwecht wéi virun laangen Joren, ausser dass d'Situatioun e bëssen changéiert huet, wat de Bréifdréier haut an Bréifkëschten vum Client geheet. De Beruff ass awer fir mech nach ëmmer e schéinen Beruff, deen ech deemools ganz gären gemaach hunn. De Bréifdréier ass en wichtige Ambassadeur vun der POST, deen also fir Clienten, mee och fir d'Land wichtig Déngschtleechtungen mëscht, an nach ëmmer net aus eiser Gesellschaft ewech ze denken ass. Et kann een de Clienten vill Freed a Gefalen maachen, a flott Kontakter opbauen. Et ass nach ëmmer e Beruff mat enger wichtiger sozialer Komponent! Ech hunn awer d'Gefill, dass déi Solidaritéit an dass een deem aneren hëlleft e bëssen Abhanden komm ass. Jidderee kuckt haut éischer a vierun allem no sech selwer.

Raym Juchem: Als Präsident vun esou enger grousser a.s.b.l wéi d'Amicale POST, mat iwwer 3000 Memberen, hues du niewebäi jo och nach aner Chargen. Wéi kann een deng strapaziéis a sécher net einfach Tâche, wat ech perséinlech jo schonn ëfters materlieft hunn, am beschten duerstellen?

Mike Orazi: Ech sinn virun allem stolz drop, fir een Deel vun enger Organisatioun ze sinn, déi elo schonn zënter mëttlerweil 75 Joer besteet. Mir geroden awer lues a lues an eng Situatioun, wou et ëmmer méi schwéier gëtt, fir eis Leit ze mobiliséieren, dass si aktiv un eisen flotten Aktivitéiten deelhuefen. Perséinlech fannen ech et och schued, dass vereenzelt Mataarbechter sech net méi esou richteg mat eisem Patron kënnen identifizéieren, a wéi dat awer virun Joren nach de Fall war. Net fir näischt den Numm vun der Famill vun der POST. An d'POST ass sécher keen schlechten Patron, a meng Erfarungen mam Management sinn déi, dass si eis Leit

respektvoll behandeln, a sech fir d'Belaanger vum Personal interesséieren. POST léist esou séier keen am Reen stoen. Meng vill Tâchen an meng vill Aarbecht mëscht mir nach ëmmer Spaass, an ech organiséieren einfach gären eis Aktivitéiten vun der Amicale an der POST an dat mat Hëllef vun eisem Comitéen. Et ass fir mech einfach flott fir eisen Mataarbechter Freed ze maachen. Meng Aarbecht ass zimmlech breetgefächert an ech hunn esou munch Funktiounen a Responsabilitéiten, déi een als Präsident nun emol esou huet. Ech sinn awer frou esou vill Leit ze hunn, déi mir an der Amicale zur Säit stinn, a vill a wäertvoll Aarbecht maachen. Dat geet vun eisem Büro erof bis an all d'Sektiounen. Mäin Respekt geet also och un si alleguer a natierlech dofir e Merci. Derbäi kennt awer, dass ech der Meenung sinn, dass Pandemie Mentalitéit vun den Leit deels changéiert huet, mee leider hunn vill Leit, leider keng Léieren aus dëser Kris gezunn.

Raym Juchem: Wat bedeit d'Amicale POST fir dech, a wou gesäis du den Sënn an de Rôle vun dëser Organisatioun bei engen vun den gréissten Employeuren a Lëtzebuerg?

Mike Orazi: De Rôle vun mir, an deemno der ganzer Amicale POST Lëtzebuerg ass et, de Mataarbechter vill flott Aktivitéiten unzebidden a wou d'Leit sech am Privaten gesinn, an idealerweis nei Frëndschaften kënnen opbauen. Zesummeliewen duerch eis Aktivitéiten op der Aarbechtsplaz férdere an doduerch dann méi einfach gestalten. Eis Mataarbechter sollen sech idealerweis an eisen villen Sektiounen treffen a flott Momenter zesummen verbréngen. D'Amicale POST Lëtzebuerg ass en Deel vun mengem Liewen, mee och vun menger ganzer Famill. Direktioun vun der POST ënnerstëtzt d'Amicale a garantéiert doduerch e bessert Zesummeliewen op der POST. Zilsetzung ass et ganz kloer eisem wäertvollen Personal Freet ze maachen, a fir esou eng besser Kollegialitéit an e bessert Zesummeliewen op der POST ze garantéieren.

Raym Juchem: D'Amicale POST organiséiert jo e. a. richteg flott Fester, Dagesausflich a Reesen, an dat zu ganz interessanten Präisser, well Zilsetzung eben net den Profit ass. Oft sinn des Reesen wéinst dem flotten Programm jo dann schnell ausgebucht, dat och well esou munch Leit sech jo ganz frei op vill vun ären Reesen mellen. Gin et Méiglechkeeten fir sech do eventuell nach nodréiglech unzemellen, a wann jo wéi geet dat?

Mike Orazi: Dass eis Reesen esou séier ausgebucht

sinn, bedeit ganz einfach, dass mir präislech gesinn, mega interessant, a virun allem flott Reesen ubidden. Et gëtt prinzipiell ëmmer nach eng Platz fir Leit déi nach nodréiglech wëllen op eng vun eisen Reesen matgoen. Och wann eng Rees «complet» gemellt ass, dann soll een sech awer emol bei mir mellen. Ech versichen dann nach nodréiglech fir alles Méiglechtes ze maachen fir eng zefriddestellend Léisung ze fannen, wat mir bis dato meeschtens dann och gelongen ass.

Raym Juchem: Du bass jo an der selwechter Situatioun wéi ech, an eis wuelverdängten Pensioun kraazt esou lues un eiser Dier. Muss een oder mëss du dir schonn Gedanken em Zukunft vun der Amicale wat de Präsidenteposten an d'Féierung betrëfft, well esou en Posten sech engem selwer, an net ze vergiessen der Famill, sécherlech vill Sacrificen ofverlaangt?

Mike Orazi: Et kënn wie et kënn. Ech maachen meng Aarbecht aktuell nach ëmmer gären, mee sécher huet een an eisem Alter d'Pensioun schonn emol am Hannerkapp. An et geet mir esou wéi dir Raym. Motivéiert Leit ze fannen, déi vill vun hirer Fréizäit wëllen opbréngen, Entscheidungen treffen a Responsabilitéit iwwerhuelen, gëtt ëmmer méi schwéier. Wann de Moment dann do ass, dann muss eng Persoun dat ganz iwwerhuelen, an ech wäert des Situatioun an de nächsten Joren preparéieren, wat awer sécher net esou einfach wäert ginn. Grad ewéi d'Bréifdréieschgewerkschaft huet och eis Amicale POST Lëtzebuerg eng wichteg Rôle an eiser Entreprise an dat muss och no eisem Pensiounsofngang weider liewen. Sech hautdesdaags fir aner Leit ze engagéieren ass fir vill Leit, wéi uewen ugedeit leider keng Selbstverständlechkeet méi!

Raym Juchem: Wat fir eng Roll spillt Direktioun vun der POST, dat mat Bléck op d'Organisatioun vun der Amicale POST Lëtzebuerg?

Mike Orazi: E groussen a wichtigen Rôle an et kann och just mat dëser Ënnerstëtzung esou gutt funktionéieren. Mir als Amicale kënnen u sech och just duerch déi finanziell Ënnerstëtzung vun der Post esou bestoen. Bei der Logistik, de Gebailechkeeten an dem Budget kréien mir tatkräfteg Ënnerstëtzung vum Patron. Post mëscht vill fir eis als Amicale an doduerch dann indirekt fir eist Personal a mir sinn houfreg en Deel vun dem ganzen ze sinn. An och déi ganz Amicale leeft nom Prinzip: Och ...Mir sinn d'Post ...an eben houfreg dorobber?

Raym Juchem: Wat sinn deng perséinlech Wënsch fir Zukunft dat och mat Bléck op d'Amicale a natierlech mat Bléck op d'Personal vum Grupp POST?

Mike Orazi: Virun allem eng gutt Gesondheet déi onersetzbar ass, an den Opruff un d'Personal fir méi zefridden ze sinn mat dem wat se hunn. Identifizierung mat der POST, erëm ewéi eng grouss Famill sinn, erëm e besseren Zesummenhalt a natierlech déi allgemeng Solidaritéit an den Zesummenhalt vum Personal sinn meng Wënsch

déi ech fir Zukunft hunn, a natierlech wënschen ech der Bréifdréieschgewerkschaft, menger Gewerkschaft, vill Chance an eng gutt Hand bei hiren villen Demarchen am Interessi vun de Bréifdréier(innen) ewéi fir all eis wäertvoll Mataarbechter.

Mike ORAZI

Präsident vun der Amicale POST Lëtzebuerg

VOTRE VOITURE EST NOTRE DEVISE.

AUTODESIGN A ÉTÉ FONDÉ LE 18 AOÛT 2004.

GRÂCE AUX BONNES CONNAISSANCES DANS CE DOMAINE DEPUIS MAINTENANT PLUS DE 35 ANS, NOUS FAISONS TOUT CE QUI EST EN NOTRE POSSIBILITÉ POUR SATISFAIRE AU MIEUX NOS CLIENTS.

NOTRE ÉQUIPE JEUNE ET DYNAMIQUE SE VERRAIT FIÈRE DE POUVOIR VOUS ACCUEILLIR DANS SES LOCAUX QUI SE TROUVENT DANS LA ZONE ARTISANALE « 20 UM WOELLER » L-4410 SOLEUVRE. LE PLUS GRAND CHOIX EN ACCESSOIRES DISPONIBLES POUR VOTRE VOITURE

WWW.AUTODESIGN.LU  

AUTO DESIGN

- CARROSSERIE
- SUSPENSIONS
- ECHAPPEMENTS
- VITRES TEINTÉES
- JANTES & PNEUS

20 UM WOELLER / L-4410 SOLEUVRE / TÉL. 26 58 10 06 / INFO@AUTODESIGN.LU

Die Pensionierten-Sektion

besichtigte die Tuchfabrik in Esch-Sauer



Am 9. Juni lud die Pensionierten-Sektion ihre Mitglieder zu einer geführten Besichtigung der Tuchfabrik und deren Museum in Esch-Sauer ein. 30 Personen nahmen an diesem sehr interessanten Ausflug teil. Zuerst wurde den Teilnehmern in einem Film die Geschichte der Fabrik sowie die Verarbeitung der Schafswolle dargestellt, wo in früheren Zeiten bis zu 26 Personen in harter Arbeit ihr Brot verdienten.

Im Anschluss begab man sich in die Fabrik, wo die Verarbeitung der Wolle und das Spinnen der Wolle zu einem Faden, sowie das Weben der Decken noch genau so wie in früheren Zeiten hergestellt werden, und dies eben mit den alten Maschinen.

Nach dieser interessanten Besichtigung wurden die Mitglieder mit einem vom Vorstand zur Verfügung

gestellten Bus zum Restaurant Pommerloch gebracht. Dort stand wie üblich ein erlesenes Mittagessen auf dem Programm.

Im Namen des Vorstandes bedankte sich Marco Klein in seiner Ansprache bei allen Anwesenden. Desweiteren informierte er die Gäste über den nächsten vom Vorstand geplanten Ausflug.

Dieser findet am 13. Oktober statt, und an dem Tag wird die Brauerei ORVAL mit ausführlicher Führung in Belgien besucht. Wie immer wird der Vorstand den Teilnehmern einen Bus zur Verfügung stellen. Natürlich wird dann auch ein erlesenes Mittagessen in einem Restaurant in Florenville auf der Tagesordnung stehen.

Karier Théo
Sekretär

ZUSAMMEN

macht es mehr Spass!

A WIEN IWWERWAACHT ÄERT HAUS?

WAART NET, BIS ET ZE SPÉIT ASS!

Äre Partner fir Alarmsystemer, Videoiwwerwachung, Coffre-forten a méi!

PROFESSIONELL SÉCHERHEET FIR DOHEEM A BETRIBER

ZU LÉIWENG AN ZU BIISSEN



T. (+352) 26 300 221 | WWW.SECURITEC.LU

GRATIS
DEVIS
GRATUIT




Mat Sécherheet fir lech do!

Objet : Invitation à la matinée cinéma « Kleeschen »

Chers collaborateurs, chères collaboratrices,

Après 2 années d'absence dû à la pandémie, nous sommes heureux de vous annoncer que POST Luxembourg, en collaboration avec l'Amicale POST Luxembourg et le soutien de la Bréifdréieschgewerkschaft (Syndicat des Facteurs), invite le **4 décembre 2022** à la **matinée cinéma « Kleeschen »**.

Ce rendez-vous traditionnel pour les collaborateurs.rices, ensemble avec leur conjoint.e et enfant(s), en lien direct et jusqu'à 12 ans, pourront rencontrer le « Kleeschen » après avoir pris un petit-déjeuner et avant de participer ensuite à une séance de cinéma.

Programme :

8h15 : Accueil – petit-déjeuner

8h15 – 9h30 : Présence du « Kleeschen »

10h00 : Projection du film d'animation*

Intéressé(e) ?

Inscrivez-vous via le lien ci-joint ou en scannant le QR code.



<https://identials.lu/post-lu/registration/Saint-Nicolas-2022>

Mot de passe : KINO2022



SCANNE MOI

La projection soit en allemand, soit en français se fera dans des salles différentes. Pour des raisons de capacité, seuls deux adultes peuvent accompagner les enfants inscrits.

Les 1500 places disponibles seront attribuées par ordre d'inscription. Vous pourrez récupérer vos tickets d'entrée le jour même de l'événement au bureau d'accueil qui sera installé dans l'enceinte du cinéma au 1er étage.

*reste à définir



Cinq questions

au Directeur général de POST Luxembourg Claude Strasser



Raymond Juchem : Monsieur le Directeur général, en analysant les chiffres de début 2022 on a malheureusement l'impression que le métier POST Courrier semble être arrivé dans la phase redoutée depuis longtemps, mais annoncée suite à certaines tendances du marché postal. Quel est votre opinion et votre réaction si vous analysez ces chiffres ?

Claude Strasser: Les chiffres du premier semestre sont effectivement en forte baisse par rapport à l'année dernière. La perte de volumes de courrier, quelque peu atténuée pendant la période de Covid, dépasse désormais les 10%. En même temps nous observons une stagnation, voire un recul au niveau de l'activité colis du fait que des acteurs concurrents commencent à pénétrer le marché. L'activité logistique quant à elle connaît un ralentissement expliqué par un changement de la réglementation douanière. Ces trois phénomènes ne sont pas tout à fait surprenants, mais le fait qu'ils surviennent pratiquement au même moment nous met en difficulté. Il n'y a pas d'autres réactions à apporter que celles qui sont

inscrites dans notre stratégie : intégration de la distribution du courrier et des colis, maintien de la qualité dans la distribution et diversification de l'activité logistique.

Raymond Juchem : Le colis et la logistique ont été longtemps vu comme des activités/valeurs sûres par rapport à la perte du chiffre d'affaires dans le domaine du courrier et de la publicité qui reculent face à la digitalisation. Comment évaluez-vous la situation en prenant en compte la perspective l'expiration du contrat existant entre Amazon et POST début 2024, et vu que de plus en plus de concurrence au niveau de la distribution des colis est en train de s'installer et de s'élargir sur le territoire luxembourgeois ?

Claude Strasser: Il fallait s'attendre à ce que tôt ou tard, les grands acteurs de l'e-commerce prennent la main sur une partie de la distribution de leurs colis. C'est la tendance que nous observons dans tous les pays voisins. Le Luxembourg n'y fera pas exception. Ce qui importe pour nous, c'est de sauvegarder des marges raisonnables sur le volume des colis restants. Pour ce qui est de logistique, c'est un secteur en plein essor. Là encore, il s'agit de miser sur des services à haute valeur ajoutée.

Raymond Juchem : Si on se base sur les tendances et notamment les remarques de M. Mario Treinen lors des dernières roadshows, l'année 2024 sera probablement une année de changements majeurs au niveau opérationnel. Partagez-vous cette vue ?

Claude Strasser: La baisse du courrier ainsi que la volonté du législateur de réduire les envois publicitaires nous forcent effectivement à réagir, très vraisemblablement dès 2024. Mais encore une fois, ces phénomènes ne viennent pas en surprise et ne sont pas très différents de ce que nous observons, depuis des années, à l'étranger.

Raymond Juchem : Quelles démarches devra entreprendre POST Courrier pour contrecarrer cette tendance ?

Claude Strasser: Une première étape très importante a été l'intégration d'un maximum de colis dans la tournée du facteur. Cela nous permet de garantir un niveau de qualité élevé et d'être rentable sur cette activité. Pour le

reste, il nous faudra trouver des moyens de réduire nos coûts à tous les niveaux de notre organisation pour rester compétitif dans un environnement de plus en plus concurrentiel.

Raymond Juchem : Dans une telle situation de recul du chiffre d'affaires et de baisse possible du bénéfice, le personnel de POST Luxembourg doit-il se poser des questions sur la sécurité de l'emploi, sachant que notre entreprise n'a jamais dû recourir à des plans sociaux ?

Claude Strasser: En ce moment, nous sommes toujours obligés de recruter des facteurs, des guichetiers, des porteurs de journaux et des livreurs de colis pour assurer le bon fonctionnement de POST Courrier. Il ne peut donc être question de plans sociaux. Ça fait partie de nos responsabilités de faire en sorte que nous ayons à l'avenir suffisamment de travail pour les gens que nous engageons aujourd'hui.

La Bréifdréieschgewerkschaft remercie le Directeur général pour l'intéressante interview!

IPSO FACTO [®]

END YEAR EXPERIENCE 2022

En cette fin d'année 2022, quoi de mieux que d'apporter une touche personnelle et élégante en offrant des cadeaux personnalisés à vos clients, collaborateurs ou prospects. Cela vous permettra d'asseoir votre professionnalisme et sera gage de confiance envers vos interlocuteurs

Que vous soyez une entreprise, une association, une administration ou encore un comité d'entreprise, n'hésitez pas à prendre contact avec nous. Offrir des **cadeaux de fin d'année personnalisés** vous permettra de fidéliser vos collaborateurs et partenaires.

Pour faciliter vos recherches, **IPSO FACTO** vous accompagne et vous propose **des idées clés en main** qui plairont au plus grand nombre.

Alors n'attendez plus contactez-nous et définissons ensemble votre projet pour offrir les cadeaux qui marqueront les esprits en cette fin d'année.





Phuket 2023



Du samedi 1^{er} avril au samedi 15 avril 2023

Le comité de l'Amicale POST Luxembourg a le plaisir d'inviter ses membres, familles et amis à son traditionnel voyage de pâques de 15 jours et 14 nuits, qui nous mènera en Thaïlande, sur l'île de Phuket.

Le programme provisoire est le suivant :

Samedi 1^{er} avril : Transfert au Findel, décollage à 20h10 direction Bangkok via Munich. **Dimanche 2 avril** : Arrivée à 14h10 à Bangkok, Check-in et visite de Bangkok. **Lundi 3 avril** : arrivée à 15h55 à Phuket, transfert à l'hôtel* * * * * et check-in, vers 20h00 dîner. **Mardi 4 avril** : Journée libre. **Mercredi 5 avril** : petit-déjeuner, visite de la vieille ville de Phuket et lunch, puis quartier libre. **Jeudi 6 avril** : après le petit-déjeuner, journée libre et dîner. **Vendredi 7 avril** : après le petit-déjeuner départ dans le parc national de l'île Similan, le soir dîner. **Samedi 8 avril** : après le petit-déjeuner journée libre, le soir dîner. **Dimanche 9 avril** : après le petit-déjeuner, visite de Phang Nga Bay et visite de l'île de James Bond, de l'île Koh Hong, Koh Panyee et de Samed Nang Chee. **Lundi 10 avril** : après le petit-déjeuner journée libre, le soir dîner. **Mardi 11 avril** : après le petit-déjeuner, visite de Phi Phi Island. **Mercredi 12 avril** : après le petit-déjeuner visite de la Baie de Maya, le soir dîner. **Jeudi 13 avril** : Check-out et transfert vers l'aéroport de Phuket avec vol vers Bangkok, le soir dîner. **Vendredi 14 avril** : après le petit-déjeuner, journée libre, vers 21h00 transfert à l'aéroport, décollage à 23h00 direction Munich. **Samedi 15 avril** : arrivée vers 05h20 à Munich, décollage vers Luxembourg à 08h30 avec arrivée à 09h30 et retour vers vos domiciles avec les navettes.

Toutes les personnes doivent obligatoirement être munies d'un passeport valable encore 6 mois après le départ.

Le prix forfaitaire de ce voyage pour les membres s'élève à +/-3.150 EUR/personne en chambre double et à 3.850 EUR en chambre single. Pour les non-membres, le supplément est de 15 EUR/personne et comprend le vol aller-retour, le logement avec les petits déjeuners à l'hôtel * * * * *, les dîners/déjeuners et les visites selon le programme. Les boissons ne sont pas comprises. Une assurance n'est pas incluse. Une éventuelle hausse du prix de kérosène pouvant influencer sur le prix du voyage n'est pas incluse. Prix d'enfants et supplément business class (+/- 1500 EUR supplément) sur simple demande.

Le nombre maximum de participants est fixé à 20 personnes.

Les membres intéressés sont priés de s'inscrire obligatoirement pour le 23 décembre 2022 au plus tard auprès de notre président-organisateur **Mike ORAZI au 2424 4615** ou encore par email **amicalepost@post.lu**

Un acompte de 300 EUR/personne viré/versé au CCP LU14 1111 0300 0330 0000 de l'Amicale POST Luxembourg - Voyages avec la mention " **A/53 Phuket** " au plus tard 10 jours ouvrables après votre demande d'inscription, vaut inscription définitive.

Le comité

Drei Fragen

an den Direktor von POST Courier, Mario Treinen



De Bréifdréier: Viel wurde in den letzten Monaten über die Werbesendungen und das im Kontext der Werbesendungen 2024 neu in Kraft tretende Umweltgesetz geredet. Wie sehen Sie die kurz und langfristige Entwicklung der Werbesendungen in Papierform bei POST Luxemburg jetzt und ab 2024?

Mario Treinen: Mit dem in Kraft treten des Abfallgesetzes sind nun sowohl die genauen Modalitäten sowie der Zeitplan bekannt. Auf dieser Grundlage haben jetzt wir, sowie auch unsere Kunden die nötigen Informationen, um sich neu zu orientieren.

Wir sind seit der Publikation des Gesetzes in aktiven Gesprächen mit Kunden und gehen davon aus, dass wir bis Ende diesen Jahres eine bessere Übersicht haben, was das zukünftige Werbevolumen betrifft.

De Bréifdréier: Seit Juli 2022 gibt es das Werbeprodukt Imail bekanntlich nicht mehr. Was waren die Gründe, dass dieses in der Vergangenheit doch sehr rentable Produkt aus der Verteilung über den Briefträger und bekannterweise komplett abgeschafft wurde?

Mario Treinen: Unsere Mitarbeiter haben den „i-mail“ 20 Jahre lang landesweit ausgetragen und niemand kann den Erfolg dieses Werbeproduktes infrage stellen. Im Hinblick auf das Inkrafttreten der verschiedenen Maß-

nahmen des neuen Abfallgesetzes und im Einklang mit einer Neuorientierung bei Mediahuis, unserem Partner und dem kommerziellen Vertreter der i-mail, wurde entschieden dieses Produkt Mitte 2022 einzustellen.

Unter Berücksichtigung der Anforderungen der künftigen Gesetzgebung und um den Bedürfnissen der luxemburgischen Einzelhändler gerecht zu werden, werden derzeit alternative Dienstleistungen und Instrumente für die direkte Kundenkommunikation untersucht.

De Bréifdréier: Die Zukunft von POST Courier, bedingt durch die aktuelle Entwicklung in den Bereichen der Pakete, Tageszeitungen, Briefsendungen, Werbesendungen und Logistik sieht aktuell jedenfalls, bekanntlich nicht danach aus, dass man aufgrund der damit zusammenhängenden Einnahmen Freudenschreie tätigt! Werden Sie gegen Ende des Jahres noch einmal in den einzelnen Verteilerzentren Roadshows organisieren um gegebenenfalls das Personal über die aktuelle Situation und mögliche Perspektiven zu informieren?

Mario Treinen: Im Moment ist die ökonomische wie auch die geopolitische Situation bekanntermaßen äußerst angespannt und auch sehr unbeständig. Dies hat vor allem einen Einfluss auf unsere Paket- und Logistikbereiche.

Hinzu kommt, dass die Briefsendungen einen stetigen Rückgang verbuchen. Unser Hauptziel ist es, in den kommenden Wochen und Monaten diese Trends zu überwachen, zu analysieren und, soweit es geht, die Stabilität zu bewahren.

Dies war auch die Hauptbotschaft während unserer letzten Roadshows im Juni und Juli. Da eine transparente Kommunikation in diesem variablen Umfeld sehr wichtig ist, werden wir uns gerne die Zeit nehmen, dies auch weiterhin mit unseren Mitarbeitern zu besprechen.

Die Briefträgergewerkschaft bedankt sich bei Postdirektor Mario Treinen für die interessante Stellungnahme zu den verschiedenen Themen .

NVNI

g r o u p

DA LEONI
ristorante • Pizzeria

BestPizza

il Michelangelo
RESTORANTE • PIZZERIA

MAMMAMIA
Gelato Italiano

THE DRAFT
BEER & FOOD BAR
EST. 2017

mio & mio
ristorante, pizzeria & bar
Dijkorn

NVN
group

STADE DE LUXEMBOURG



www.nvngroup.lu - email: hello@nvngroup.lu
Facebook: [nvn group](https://www.facebook.com/nvngroup)

POST4YOU

Mobile Kommunikationsapp des Postunternehmens

Seit nunmehr gut einem Jahr gibt es bei POST Luxembourg die interne Kommunikationsapp POST4YOU. Diese App resultierte bekanntlich u. a. auch aus einer Forderung der Briefträgergewerkschaft und zwar zur rascheren Bereitstellung von Informationen und Mitteilungen des Postunternehmens an seine Mitarbeiter.


Dass diese App unbedingt benötigt wurde, hat sich in den letzten Monaten, wegen unter anderem der Sanitärkrise des Öfteren bewiesen. Diese bessere und schneller Bereitstellung von Information sollte all unseren Postmitarbeitern, aber vor allem den Briefträgern in Rundgang und Verteilerzenter, den Zeitungsträgern sowie den Paketzustellern zu Gute kommen. Tatsächlich ist es so, dass viele Mitarbeiter im Bereich von POST Courier, nicht die Möglichkeit haben am Arbeitsplatz auf Agora zurückzugreifen.

Die Einführung der App POST4YOU resultierte unter anderem aus eben dieser Problematik. Diese App wurde dann auch, wie bereits bei der Präsentation angekündigt, noch mit weiteren postalischen Informationen ausgebaut und man findet dort so manch wichtige und nützliche Informationen.



Viele unserer wertvollen Mitarbeiter(innen) haben sich diese App gerade deswegen bereits auf ihr Mobilgerät heruntergeladen. Der Briefträgergewerkschaft liegt, auch wegen ihrer damaligen Forderungen, demnach viel daran, dass sämtliche unserer Mitarbeiter sich diese App, wenn nur irgendwie möglich, herunterladen. Auch die Problematik der Ausschreibung der vakanten Posten,

die bekanntlich für viele unserer Mitarbeiter von Interesse sind, wurde mit dieser App gelöst. Sämtliche freien Posten findet man in einem spezifischen Bereich in dieser App in den man, einmal eingeloggt, über den blauen Button unten rechts auf den Home Screen gelangt.



Rezent haben Vertreter der Briefträgergewerkschaft sich jedoch nochmals dafür ausgesprochen, dass sämtliche wichtige Mitteilungen des Postunternehmens, wieder wie früher, auf Papier in jedem Zenter ausgehängt werden müssten. Unabhängig davon, jedoch noch einmal der Aufruf der Briefträgergewerkschaft sich an den jeweiligen Vorsteher zu wenden, um die nötigen Login-Passwörter zum Zugang zu dieser App zu bekommen. Man kann diese jedoch auch per E-Mail bei feedback.post4you@post.lu anfragen.



4 Froen

un d'Jennifer an un d'Carole



De Bréifdréier: Da stellt lech emol vir a beschreift eis äre postalesche Wee.

Jennifer: Ech hunn 2011 ugefaang op der POST ze schaffen, deemools nach als Assistant-Facteur, duerno war ech dunn e puer Joer Remplaçant an elo hunn ech eng fest Tournée zu Bascharage.

Carole: Majo bei mir war et esou, dass ech als Interim op der POST ugefaang hunn, an och zwee Joer laang mat deem Kontrakt op der POST geschafft hunn. Dunn ass et gaang wéi bei all de Bréifdréier, ech hunn e puer Joer als Ersatzbréifdréier geschafft, an elo hunn ech zënter kuerzem eng fest Tournée um Centre Bascharage. Virdrun war ech awer och schon Titulaire an der Stad.

De Bréifdréier: Wat denkt dir iwwert ären Alldag als Bréifdréier?

Jennifer: Ech kann elo emol sécher soen, dass et keen einfache Beruff ass, méi ewéi iwwerall gëtt et gutt Deeg a manner gutt Deeg, mee dat ass eben d'Ausleeung vum Beruff, a wahrscheinlech net ze vermeiden

Carole: Den Alldag als Bréifdréier ass wierklech flott. Et huet ee vill Bewegung, vill Kontakt mat de Leit, an et kann ee fräi schaffen. Den Aarbechtsrhythmus vum jeeeweiligen Dag kann een un déi jeeeweileg Situatioun vum respektiven Dag upassen.

De Bréifdréier: Ass de Beruff vun der Bréifdréierin als Fra net heiansdo ze vill ustrengend, dat besonnesch wéinst de schwéiere Laaschten?

Jennifer: Et ass schon heiansdo vill an duerchaus schwéier, mee dat gehéiert zum Job derzou. Wann ee sech dat awer gutt andeelt, dann ass dat alles nëmmen hallef esou schlëmm.

Carole: D'Laascht ass generell ok. Et huet een eenzel Deeg, wou een et wierklech net einfach huet, mee ech denken, datt et menge männleche Mataarbechter genau esou geet.

De Bréifdréier: Konnt d'Bréifdréieschgewerkschaft dir schon emol hëllefen?

Jennifer: Jo ech hat viru kuerzer Zäit e groussen Problem op der Aarbecht, mee d'Bréifdréieschgewerkschaft war direkt do, an huet déi net einfach Affär fir mech geregelt, a méch vun Ufank un tatkräfteg ënnerstëtzt.

Carole: D'Bréifdréieschgewerkschaft huet mir méi ewéi eng Kéier gehollef. Ech hat e puer Problemer mat engem Virgesetzten, an d'Situatioun war fir mech net ëmmer einfach. Duerch d'Bréifdréieschgewerkschaft gouf et einfach a korrekt zu menge Gonschte geregelt.

D'Bréifdréieschgewerkschaft seet dem Jennifer a Carole villmools Merci fir den interessanten Interview a Merci fir hir Memberschaft an eiser Gewerkschaft. Weiderhin vill Chance an hirem beruffleche Parcours!



Bréifdréieschkalenner

100 Joer Gëlle Fra

Bréifdréieschkalenner 2023

Schon seit Jahren entscheidet das Exekutivkomitee im Juli, welches Thema für die Gestaltung des Briefträgerkalenders im darauffolgenden Jahr in Frage kommt. Der historische Kalender, den es seit 1909 gibt, soll die breite Öffentlichkeit für ein bestimmtes aktuelles oder in unseren Agen wichtiges Thema sensibilisieren. Dieses Jahr haben wir uns im Exekutivkomitee für ein Thema entschieden, das wohl für viele Luxemburger sehr bedeutend ist, und zwar „100 Joer Gëlle Fra“. Das Gedenkmonument ist das Symbol für Freiheit und den Widerstand des Luxemburger Volkes. Oft ist diese Statue mit vielen tragischen Erinnerungen verbunden. Viele Luxemburger und natürlich unsere Postkunden werden sich demnach mit Sicherheit an diesem Kalender mit bekannt schöner Gestaltung durch Lex und Pit Weyer erfreuen. Die Briefträgergewerkschaft weist immer wieder darauf hin, dass der Kalender auch eine indirekte Werbung für die Briefträgergewerkschaft sowie für den Beruf und die soziale Rolle des Briefträgers ist. Der Briefträgerkalender wird teils vom Briefträger und teils von der Briefträgergewerkschaft finanziert, was viele Postkunden übrigens nicht wissen. Er wurde schon vor langer Zeit ins Leben gerufen, so dass der Briefträger seinem Kunden im Rundgang für die gute Zusammenarbeit über das ganze Jahr danken kann. Auf der Rückseite sind normalerweise die postalischen Tarife angezeigt, was nützlich für alle Postkunden ist, die jährlich auf den Kalender warten. Unser historischer Kalender darf unter keinen Umständen seinen Stellenwert und verlieren oder vergessen werden. Aus diesem Grund bitten wir Dich, dieses Jahr, aber auch in Zukunft, eine Anstrengung bei der Anzahl der Bestellungen zu machen. Trotz der Verteuerung des Papiers und somit der Druckkosten, bleibt der Preis für den Erwerb des Kalenders gleich. Wir danken Dir für deine Unterstützung.

Das Exekutivkomitee der Briefträgergewerkschaft

Pensionsabgänge

PENNING Alain	FA	01.08.22	RETRAITE	BETTEMBOURG
WELTER Jean-Luc	EE	01.10.22	RETRAITE	BETTEMBOURG

Le calendrier des facteurs 2023

Depuis des années, le comité exécutif décide en juillet quel sujet convient à la conception du calendrier des facteurs pour l'année suivante. Le calendrier historique, qui existe depuis 1909, est destiné à sensibiliser le grand public sur un sujet précis d'actualité ou important. Cette année, nous avons décidé, au sein du Comité exécutif, d'un sujet qui est probablement très important pour de nombreux Luxembourgeois, à savoir « 100 Joer Gëlle Fra ». Le monument du souvenir est le symbole de la liberté et de la résistance du peuple luxembourgeois.

Souvent il est associé à de nombreux souvenirs tragiques. De nombreux Luxembourgeois et bien sûr nos clients postaux apprécieront certainement ce calendrier avec le beau design bien connu de Lex et Pit Weyer. Le syndicat des facteurs a constamment souligné que le calendrier est aussi une publicité indirecte pour le syndicat des facteurs et pour le travail et le rôle social du facteur. Le calendrier du facteur est financé en partie par le facteur et en partie par le syndicat, ce que de nombreux clients postaux ignorent. Il a été créé il y a longtemps pour que le facteur puisse le distribuer et remercier le client pour sa bonne collaboration tout au long de l'année. Les tarifs postaux sont généralement indiqués au verso, ce qui est utile pour tous les clients postaux qui attendent le calendrier chaque année. En aucun cas notre calendrier historique ne doit perdre sa valeur ou être oublié.

Pour cette raison, nous vous demandons de faire un effort sur le nombre de commandes cette année, mais aussi à l'avenir. Malgré l'augmentation du prix du papier et donc des coûts d'impression, le prix d'achat du calendrier reste le même. Nous vous remercions pour votre soutien.

Le comité exécutif de la Bréifdréieschgewerkschaft

De Paxster

von der POST



Léif Lieser,

A menger Eegenschaft als Formateur vum Paxster, muss ech soen, datt ech an der Formatioun bis elo jiddefalls, ganz vill positiv Reaktiounen vun de Bréifdréier(innen) zeréck kritt hunn. Natierlech muss een a Kaf huelen, dass vereenzelt Bréifdréier no laange Joren net méi onbe déngt nach komplett anescht wëlle schaffen, an deen een oder aneren ass verständlecherweis och nach e bëssi mi retizent géigeniwwer dem Paxster.

De Paxster ass kleng a liicht ze manövréieren, an ass kompakt an en huet trotz allem vill Stauraum zur Verfügung fir Post, Reklammen a Päck ze transportéieren. E grouse Virdeel vum Paxster ass natierlech, dass ee ka lénks ewéi riets eran oder eraus klammen. En ass bestëmmt eng Léisung fir an de Stied, mat e bësse méi klenge Weeër. An der Tournéeë mat ville Citéeën ass de Paxster och bestëmmt eng gutt Léisung. Mee natierlech hänkt et och vun de respektiven Volummen of, déi an deene respektiven Tournéeën ze transportéieren an duerch de Bréifdréier ze verdeele sinn. Och e Paxster huet grad wéi de Bréifdréier seng Limitten. Fir dann awer laang Weeër op der Landstrooss ze fueren, do ass de Paxster net esou géeeigent, well e just eng maximal Geschwindeg keet vu nëmme 45 km/h huet. Dat huet Virdeeler, mee och Nodeeler, an dat a punkto Sécherheet vum Chauffeur.

Bestëmmt fënnt POST nach Léisungen, déi de Paxster nach méi performant a sécher wäerte maachen, a mat der Weiderentwécklung vum Model Paxster kann ee sech nach esou munch Verbesserungen an Adaptatiounen erwaarden. Datt POST eng maximal Sécherheet fir de Chauffeur verlaangt an ubitt, ass e Plus, an och dofir kréien d'Bréifdréier en Helm, dee POST hinne fir de Wee an d'Tournée an zeréck zur Verfügung stellt. Den Helm

soll op Grond vun der Sécherheet zousätzlech mam Gurt gedroe ginn, a bei engem eventuellen Accident kann en Helm an e Gurt engem d'Liewe retten. Leider ass net jidderen sech dëser Situatioun ëmmer bewosst!

